Fédération
des Victimes du Nazisme
Enrôlées de Force
Luxembourg.

Letzebuurg, den 3 Nov. 1973.

Léiw Letzebuurger !

Am Zesummenhang mat der Staatsvisite vum däitsche Bundespresident, dem Här HEINEMANN, organiséieren d'Letzebuurger Zwangsrekrutéiert öffentlech Opklärungsversammlungen enner dem Titel:

F i r w â t  s i n  d'E n r ô l é s  d e  F o r c e
géingt d' S t a a t s v i s i t e
v u m
Här H E I N E M A N N ?

Zu dese Konferenzen invitéiere mir net nemmen d'Enrôlés, mais och all aner Letzeburger Bierger a besonnesch eise Jonktem.

De Problém vun der Zwangsanzéihung ass jo net nuren dén vun den Enrôlés alleng, mais unerkannter Weis och en nationale Problém a muss dofir jidder jetzegen an zoukünftegen Steirzueler interesséieren.
Och Leit. déi anerer Ménong sin wéi d'Enrôlés, sin hèrzlech invitéiert.
Fräi Diskussioun ass erwönscht.
D'Versammlung fënt statt e Freideg, den 9 November 1973
um 20 Auer 30 zu B E T E B U U R G
am Café Al. FABER, Peppenger Strôss, Nr. 24.

Mir bieden Iech dest Schreiwes un Net-Memberen weiderzeréchen.

Den Nationalpresident,

Jos. Weirich

**Vu dass den Zentralkomité net d'Meglechkét huet an all Uertschaft des Versammlongen ofzehâlen, mussen se regional begrenzt bleiwen. Dofir och musse mir Didelenger ons op Betebuurg bemêhen.**

**Mir hoffen awer, dass genau eso vill Didelenger zu Betebuurg sinn, wé der och an énger Versammlong zu Dideleng wären.**

**Mir zielen op iech all**

**fir de Comité
René Kerg**

Esch,den 25. 10.1973

Un den Zentralcomité
vun der FVNEF.

Well ech et fir no'twendeg fannen,dass och d'Fo'ssvolle'kvun der Fédératioun sech Gedanken mecht fir d'réussite vun eiser Demonstratioun,mâchen ech dem Zentralcomité de' folgend Propositiounen.

d'Demonstratioun muss a voller Disziplin ofrullen. Extremistegruppen hu keng Plâtz an eisem Cortège.

d'Panneaux'en,Calicots asw. därfen nömmen Texter droen,de'en vum Z.C. approuve'ert sin,

eis Demonstratioun muss verstâne gin,vum Volle'k, vun de Preisen a vum aneren Ausland,

dofir mussen eis Texter op letzeburgesch,franze'sch an op deitsch matgefe'ert gin.

Well et schwe'er ass,fir de' 3 Dég vun der Staatsvisite eis Leit ömmer do ze hun,solle mir eis op eng gro'ss Manifestatioun konzentre'eren.

Fir me' e gro'ssen Dèl vum Volle'k z'erfâssen a fir me' opzefalen,wär et gud,wann eng caravane publicitaire eisem Cortège virop ge'ng fueren.

Gro'ss Panneaux'en mat der Spîcht vum Rènert,evtl. mat engem Bild derbei,wiren originell a ke'men besser un.Ech hun e puer Strophen aus dem Franz se'ngem Buch erausgesonnert,de'en sech fir dös Geléenhèt gud ègnen,an dösem Bre'f beigeluecht.

An dém ech hoffen,dass vleit de' eng oder aner Iddi ze gebrauchen ass verbleiwen ech

mat de beschte Gre'ss

[signature]

Theo Jacoby
Esch/Uelzecht
47,rue du fossé

Fédération
des Victimes du Nazisme
Enrôlées de Force
Luxembourg.

Letzebuurg, den 3 Nov. 1973.

Léiw Letzebuurger !

Am Zesummenhang mat der Staatsvisite vum däitsche Bundespresident, dem Här HEINEMANN, organiséieren d'Letzebuurger Zwangsrekrutéiert öffentlech Opklärungsversammlungen enner dem Titel:

F i r w â t s i n d'E n r ô l é s d e F o r c e
géingt d' S t a a t s v i s i t e
v u m
Här H E I N E M A N N ?

Zu dese Konferenzen invitéiere mir net nemmen d'Enrôlés, mais och all aner Letzeburger Bierger a besonnesch eise Jonktem.

De Problém vun der Zwangsanzéihung ass jo net nuren dén vun den Enrôlés alleng, mais unerkannter Weis och en nationale Problém a muss dofir jidder jetzegen an zoukünftegen Steirzueler interesséieren.
Och Leit. déi anerer Ménong sin wéi d'Enrôlés, sin hèrzlech invitéiert.
Fräi Diskussioun ass erwönscht.
D'Versammlung fënt statt e <u>Freideg</u>, den 9 November 1973
um 20 Auer 30 zu <u>B E T E B U U R G</u>
am Café Al. FABER, Peppenger Strôss, Nr. 24.

Mir bieden Iech dest Schreiwes un Net-Memberen weiderzeréchen.

Den Nationalpresident,

Jos. Weirich

**Vu dass den Zentralkomité net d'Meglechkét huet an <u>all Uertschaft</u> des Versammlongen ofzehâlen, mussen se regional begrenzt bleiwen. Dofir och musse <u>mir Didelenger ons op Betebuurg</u> boméhen.**

**Mir hoffen awer, dass genau eso vill Didelenger zu Betebuurg sinn, wé der och an énger Versammlong zu Dideleng wären.**

**Mir zielen op iech all**

**fir de Comité**
**René Kerg**

Esch,den 25. 10.1973

Un den Zentralcomité
vun der FVNEF.

Well ech et fir no'twendeg fannen,dass och d'Fo'ssvolle'kvun der Fédératioun sech Gedanken mecht fir d'réussite vun eiser Demonstratioun,mâchen ech dem Zentralcomité de' folgend Propositiounen.

d'Demonstratioun muss a voller Disziplin ofrullen. Extremistegruppen hu keng Plâtz an eisem Cortège.

d'Panneaux'en,Calicots asw. därfen nömmen Texter droen,de'en vum Z.C. approuve'ert sin,

eis Demonstratioun muss verstâne gin,vum Volle'k, vun de Preisen a vum aneren Ausland,

dofir mussen eis Texter op letzeburgesch,franze'sch an op deitsch matgefe'ert gin.

Well et schwe'er ass,fir de' 3 Dég vun der Staatsvisite eis Leit ömmer do ze hun,solle mir eis op eng gro'ss Manifestatioun konzentre'eren.

Fir me' e gro'ssen Dèl vum Volle'k z'erfâssen a fir me' opzefalen,wär et gud,wann eng caravane publicitaire eisem Cortège virop ge'ng fueren.

Gro'ss Panneaux'en mat der Spîcht vum Rènert,evtl. mat engem Bild derbei,wiren originell a ke'men besser un.Ech hun e puer Strophen aus dem Franz se'ngem Buch erausgesonnert,de'en sech fir dös Geléenhèt gud ègnen,an dösem Bre'f beigeluecht.

An dém ech hoffen,dass vleit de' eng oder aner Iddi ze gebrauchen ass verbleiwen ech

mat de beschte Gre'ss

Theo Jacoby
Esch/Uelzecht
47,rue du fossé

26 novembre 1973

Madame le Bourgmestre
de la Ville de Luxembourg
Luxembourg.

En complément à notre lettre du 24.11.1973. et après les derniers renseignements obtenus au sujet de la participation des manifestants, ainsi que des réflexions concernant la sécurité routière, notre comité dans sa séance de ce soir 26 crt. a fixé l'itinéraire du cortège comme suit:

Départ du cortège : 18,15 heures à la Place d'Armes - rue des Capucins - rue Notre Dame - Boulevard Royal - Avenue Montérey - Boulevard Joseph II - rue de l'Arsenal - Grand'rue - rue du Fossé - rue de la Reine .

Les manifestants s'arrêteront sur le trottoi droit de la rue du Marché aux Herbes et dans la rue de la Reine.

La Croix de Bois des Enrôlés de Force sera dressée au milieu de la rue de la Reine et sera enlevée par nos services vers 22 heures.

Veuillez agréer, Madame le Bourgmestre, nos sentiments respectueux.

Pour le Comité

Jos. Weirich